adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 5432
Reçue le 23.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.12.2021

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 23. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Enn 2021 gouf zu Lëtzebuerg eng Volleksziekung duerchgefouert, en Exercice, deen all 10 Joer duerchgefouert gëtt an deemno gutt virbereet hätt misse sinn.

Allerdéngs waren dës Kéier Froen deelweis schlecht formuléiert oder falsch iwwersat, an et schéngt, wéi wann et och Ënnerscheeder gouf tëscht der Online-Versioun an der Versioun op Pabeier. Verschidde Resultater wäerten doduerch onbrauchbar sinn.

An deem Kontext hätt ech eng Rei vu Froen un d'Regierung:

1. Bei der Pabeierversioun vun der Vollekszielung gouf d'Geschlecht vun de Persounen net gefrot. Bei der Online-Versioun gouf d'Geschlecht awer gefrot. Gëtt et heizou eventuell eng Erklärung?
2. Bei der Fro 10.c., déi folgendermoosse formuléiert ass, ass een Iwwersetzungsfeeler ënnerlaf:

   "*Combien d'années d'études avez-vous poursuivies au Luxembourg ?*

   *(Tous niveaux d'études confondus)*

   *Wie viele Jahre Ihres Studiums/Ihrer Berufsausbildung haben Sie in Luxemburg absolviert?*

   *(Alle Ebenen der Studien zusammen)* "

   Wärend nämlech dat franséischt Wuert "études" sech op all d'Schouljoren bezitt, also och z.B. op d'Joren am Lycée, sou bezitt sech dat däitscht Wuert "Studium" exklusiv op d'Joren op enger Héichschoul, respektiv, Universitéit.

   (Duden.de: Studium: "das akademische Ausbildung an einer Hochschule")

   (Larousse.fr: études: 1. "Travaux et exercices nécessaires à l'acquisition ou au développement de connaissances effectués dans le cadre d'une institution scolaire ou universitaire. ")

Dëst féiert dozou, datt déi eng Awunner bei dëser Fro z.B. 15 Joer uginn hunn, well si d'Spillschoul, d'Primärschoul an de Lycée matgezielt hunn, wärend aner Awunner mat exakt deem selwechte schoulesche Wee null Joer uginn hunn, well si jo null Joer zu Lëtzebuerg op der Uni waren.

Wéi kann den Här Minister dëse Feeler erklären a wéi een Afloss wäert dëse Feeler hunn am Hibléck op d'Richtegkeet vun der Ëmfro?

3. Bei der Fro 10.a. déi folgendermoosse formuléiert ass, :
*"Quel est le CYCLE D'ÉTUDES LE PLUS ÉLEVÉ que vous avez terminé avec succès? Welches ist der HÖCHSTE BILDUNGSABSCHLUSS, den Sie erfolgreich abgeschlossen haben?",* stoung bei Punkt g. als méiglech Äntwert: "*BAC"*.

Vu datt awer de "BAC" d'Ofkierzung ass fir "baccalauréat", een Diplom, deen a franséische Schoule vergi gëtt, a vu datt dat Wuert "BAC" net am Lëtzebuerger Sproochgebrauch ze fannen ass, bezitt sech dës Äntwertméiglechkeet also exklusiv op Persounen, déi hiren Ofschloss an enger franséischer Schoul gemaach hunn? Kann de Minister erklären, firwat an deem Kontext keng Äntwertméiglechkeet virgesi war fir Persounen, déi ee Lëtzebuerger "Diplôme de fin d'études secondaires", *eng "Première*" oder een däitschen Abitur-Diplom hunn? (Umierkung:Dat Wuert BAC ass am Däitschen net ze fannen)

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten